

gewëssene Réckgank ze verzechnen ass, och wann een dat net soll dramatiséieren, mä awer mengen ech, d'Suerg vun den Entrepreneuren, virun allem déi kleng a mëttel Betriber ënnert hinnen, déi nach Opträg ze maachen hu vu ronn zwee Méint, huet dozou gefouert dass si, Madame Minister, viru ronn véier Méint bei lech virgeschwat hunn, fir ze kucke wéi d'öffentlech Hand da kënnt do aktiv ginn, fir deene Betriber iergendwéi entgéint ze kommen.

Wann ech gutt verstanen hunn, hutt Der Versteesdemech gewise fir d'Uleies vun de Betriber, andeem dass Der d'Proposition gemaach hutt, wann ech dat elo richtig erëmginn, wat ech héieren hunn als Informatioun, dass soll versicht ginn op där enger Säit méi grouss Bauprojeten op der Zäitachs ze strecken an op där anerer Säit dann ze versiche méi kleng Projekte virzehuelen, wou jo dann och kënnten déi kleng a mëttel Betriber bei de Soumissiounen matmaachen.

Meng Froen an deem Kontext, Madame Minister, sinn déi heiten:

1. Wa mer schwätze vun den Aktivitéite vum Stat bei de Marchés publics, schwätze mer dann och elo net nëmmen Héichbau? Betrifft dat och den Déifbau? Ass et esou, dass wa gréisser Projeten zrëckgesat ginn, do muss ee jo dann och selektiv virgoen, well ech ka mer kaum virstellen, dass mer zum Beispill bei groussen internationale Projeten, wat zum Beispill de Site Lëtzebuerg ugeet als Institutioun, fir nëmmen un d'Cour de Justice ze erënneren, do si mer jo awer zäitlech gebonnen.

2. Ech wollt also wësse wat fir gréisser Projeten do an d'Ae gefaasst ginn a wa mer vu méi klenge Projekte schwätzen, wëll ech net am Detail haut de Mëtteg wësse wat fir eng et sinn, mä ech mengen, et sinn der dobäi, déi no dem Marchés-publics-Gesetz awer eng gewëssen Envergure hunn, ob Der ons kënnt soen u wat fir Projeten Der do geduecht hutt.

3. Eng drëtt Saach, déi fir d'kleng a mëttel Betriber wichteg ass, dat ass, wann et méiglech ass, och eng regional Komponent, well Dir sidd jo mat mir der Meenung, dass méi kleng Betriber aus dem Éislek net onbedéngt eppes dovun hunn, wann am Süden eppes geschitt an ëmgedrënt ass et och de Fall.

Dat wieren déi dräi Froen, déi ech der Madame Minister wollt stellen.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteminister Erna Hennicot-Schoepges.

■ **Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.***- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dem honorablen Här Wohlfart seng Fro huet e puer Voleten. Ech géif fir d'éischt op d'Soumissiounen, déi d'kleng a mëttel Betriber betreffen am Kader vum Héichbau agoen. Do ass et net d'Impressioun, déi bei der Soumissiounskommissioun virherrscht, datt et eng Dénivellatioun gëtt, datt et manner Commandë gëtt, au contraire. Well gewéinlech wann d'Commandëbicher net voll sinn, da sinn d'Präisser och deement-sprechend niddreg.

D'Soumissiounskommissioun stellt awer just de Géigendeel fest, well si gëtt méi wéi eemol domat befaasst fir Soumissiounen ze écartéieren, déi exzessiv Präisser ubidden a wou d'Adjudicateuren dann dergéint opponéieren. Dat anert géif éischer undeiten, datt d'Präisser méi niddreg wieren, sollten d'Commandenhefter net méi esou voll sinn. Ech weess awer net, ob dat konjunkturrell bedéngt ass a mat der Period vun der Sommervakanz, déi elo op eis duer kënnt, ze dinn huet.

Wat de Stroossebau ugeet, ass de Problem e bësse méi komplex, well esoulaang wéi genuch Aarbecht op deene klengen a mëttlere Stroossen, wou jo och d'Gemen-

gen eng grouss Roll spillen an e grouss Potenzial vun Aarbechten duerstellen, eleng fir déi méi kleng Entreprisë virbehale waren, gouf et kee Problem, a vu datt awer elo eng Partie gréisser Chantieren amgaange sinn auszelafen, ginn dann natierlech gréisser Entrepenen och op déi Marchée vun deenen, déi soss deene méi klenge virbehale waren.

De Bauteministère huet sech beméit fir am Laf vum Joer e Maximum vun Aarbechten op de Maart ze geheien. Dat huet natierlech dozou gefouert, datt elo eng ganz Partie Chantiere matenee komm sinn, an datt mer dat dann als Virwurf gemaach kréien, well een e bëssen d'Impressioun huet op alle Stroosse wiere Chantieren. Dat huet awer dem Bau, mengen ech, iwwer eng Period ewechgehollé, déi schonn entscheidend war.

Wat d'Verdeelung vun de Projeten ugeet an eng Ännerung vun de Prioritéiten, wäerte mer bei Geleeënheet vum Budget nach driwer ze schwätze kréien. Ech denken, datt et ganz besonnesch méi kleng Aarbechte sinn an notament och där, déi net iwwert de Bauteministère ofgewéckelt ginn, mä zum Beispill iwwer Sites et Monuments, déi besonnesch de klengen a Lëtzebuurger Entreprisë kënnen Aarbecht verschafen, falls déi Kreditter do vum Fong vun de Sites et Monuments och genuch dotéiert ginn, wou mer jo beim leschte Budget en zimleche Réckgank ze verzechnen haten.

Dat gesot, géif ech an der leschter Analys dann awer nach drop hiweisen, datt d'Bautätégkeet vum Stat net ofhëlt, an datt mer wëlles hunn eis Investitiounsquot ze halen, fir datt eise Bau och viru gutt fonctionéiere kann a mat der Bautätégkeet, déi mer och nach op den Industriebroochen deemnächst an d'Wee leeden, denken ech, datt de Volume esou ass, datt fir all Lëtzebuurger Entrepenen Aarbecht do wäert sinn.

Eng aner Verbesserung dierft mat der A-Kraaft-Triedung vun deem neie Soumissiounsgesetz kommen, wou mer jo d'Méiglechkeet hu fir iwwer Marchés de gré à gré ganz gezillte Betriber ze bedéngen, wou mer eis d'Montanten erhéicht hunn an d'Seuilen erhéicht hunn, dat géllt och fir d'Gemengen, esou datt ech denken, wann den 1. September dat neit Marchésgesetz bis a Kraaft ass, da wäerte sech do des Weideren eng Partie gutt Perspektive fir déi Lëtzebuurger Betriber erginn.

■ **M. le Président.**- Domadder wär d'Froestonn ofgeschloss. Den Här Di Bartolomeo freet d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (*LSAP*).**- Entschëllegt, Här President, et ass net Usus hei, dass een no der Froestonn nach d'Wuert ergräift. Ech wollt awer just soen, dass den Här Finanzminister, oder respektiv den Här Budgetsminister dat bei der Caisse des allocations familiales nozefroen. Do gëtt sech op d'Direktiven, op d'Texter vun der Pensiounskeess beruff, dass dat à charge du destinataire wär, an ech bieden dann den Här Budgetsminister dat bei der Caisse des allocations familiales nozefroen. Do gëtt sech op d'Direktiven, op d'Texter vun der Pensiounskeess beruff, dass dat à charge du destinataire wär, an ech fannen éierlech gesot, Här President, schonn d'Affär vun de Virementen eppes wat schwéier zouzemudden ass, an ech fannen déi Interpretatioun nach vill méi schwéier zoumuttbar, an ech géif dann och d'Regierung bieden dat do nach eng Kéier nozekucken.

Et ass ganz kloer esou, dass bei der Kannergeldkeess d'Direktiv eraus ass, dass déi Fräen à charge du destinataire sinn, an ech bieden dann den Här Budgetsminister dat bei der Caisse des allocations familiales nozefroen. Do gëtt sech op d'Direktiven, op d'Texter vun der Pensiounskeess beruff, dass dat à charge du destinataire wär, an ech fannen éierlech gesot, Här President, schonn d'Affär vun de Virementen eppes wat schwéier zouzemudden ass, an ech fannen déi Interpretatioun nach vill méi schwéier zoumuttbar, an ech géif dann och d'Regierung bieden dat do nach eng Kéier nozekucken.

Ech soen lech merci fir de Versteesdemech, dass ech dat do awer hunn dierfe soen.

■ **M. le Président.**- Leider ass den Här Budgetsminister elo net méi hei, fir direkt dozou Stellung ze

huelen. Mir hu Kenntnis geholl vun deem wat Der gesot hutt, a wäerten dat deementspriedend no-kucke loossen. D'Heure de questions wär domadder ofgeschloss.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 5102 iwwert d'Errichte vun engem Gebai fir de Centre de recherche public Henri Tudor an de Centre de technologie de l'éducation. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Fayot, Schroell a Greisen. D'Wuert huet elo d'Berichterstatterin vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

7. 5102 - Projet de loi relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un bâtiment pour le Centre de Recherche Public Henri Tudor et le Centre de Technologie de l'Education à Luxembourg-Kirchberg

Rapport de la Commission des Travaux publics

■ **Mme Nelly Stein (*CSV*), *rapportrice.***- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 26. Mäerz huet d'Madame Hennicot, Minister vun der Kultur, vum Enseignement supérieur a vun der Recherche, de Projet de loi Nummer 5102 iwwert d'Adaptatioun vum Budget fir d'Konstruktoun vum Centre de recherche public Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbiereg déposéiert. Den 21. Mee 2003 hunn d'Membere vun der parlamentarescher Kommissioun dese Projet presentéiert kritt, an den 18. Juni 2003 huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot vum 3. Juni analyséiert. De Rapport, deen hei virläit, ass vun der Kommissioun de 25. Juni analyséiert an och ugehall ginn.

D'Gesetz vum 17. Juli 1997 huet d'Konstruktoun vun engem Centre de recherche public Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbiereg bestëmmt. Et war ursprüngelech virgesinn, dass d'Ausgaben d'Zomme vun 11.279.155 Euro, oder 455 Milliounen där aler Lëtzebuurger Frangen, net iwwerschreide sollten. Den Devis estimatif vum 1. Oktober 1996 hat ënner anerem Equipementer fir 545.365 Euro, datt heescht 22 Milliounen Lëtzebuurger Frang virgesinn. Mä des Estimatioun war zu deem Zäitpunkt nëmmen virgesi fir d'Equipements fixes an net fir déi elektresch an elektro-nesch Apparater.

D'Regierung erënnert drun, dass den éischten Equipement iwwert de Statsbudget vun der Recherche gaangen ass. Mä well des Approche vun 1996/1997 net méi am jëtzege Budget virgesinn ass, soll dese Projet de loi de Wëlle vun der Regierung respektéieren an hëllef fir méi Transparenz ze schafen. D'Regierung kritt duerch dese Projet de loi d'Méiglechkeet de Budget esou ze adaptéieren, fir déi mobil an elektro-nesch Equipementer ze kafen, déi nun eemol wichteg si fir de Fonctionnement vum CRP an och vum Centre de technologie de l'éducation. D'Ausgaben heifir sinn op 2.466.693 Euro évaluéiert ginn.

D'Equipementer, déi gebraucht ginn, loosse sech an dräi Kategorien andeelen. Et sinn dat Miwwelen a Still, elektrescht Material fir d'Réseauen an d'Sécherheet a Multimedia-Material fir d'Konferenzsäll an d'Reuniounssäll.

Véier Stäck vum Gebai sinn als Büro fir déi 150 Collaborateure geduecht, an um Rez-de-chaussée wäerte Säll hikommen, déi bis zu 200, 225 Leit kënnen emfänken.

De Statsrot huet ervirgehuwen, dass an dem aktuelle wirtschaftleche Klima et ubruecht wier, fir méi Rigueur an Transparenz un den Dag ze leeën. Dofir hofft hien och, dass des nei Estimatioun elo korrekt ass, an dass de Käschtepunkt fir déi mobil an elektro-nesch Equipementer d'Zomm vun 2.466.693 Euro net iwwerschreiden dierf. De Statsrot huet sech ganz positiv zu deemem Projet de loi ausgeschwat an huet virgeschloen den Titel vum virleiende Projet op de Gesetzes-text vum 19. Juli 1997 ze adaptéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberkommissioun huet dese Projet ugehall an hirer leschter Sitzung, an ech géif lech bieden datselwecht ze maachen an och de Projet ze stëmmen, a vun hei aus kann ech elo schonn den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

■ **M. le Président.**- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Ben Fayot (*LSAP*).**- Här President, mir stëmme selbstverständlech dese Projet, well mer iwwerzeegt sinn, dass et wichteg ass dem CRP Henri Tudor gutt Konditiounen ze gi fir ze schaffen. Mir fannen och, dass desen Equipement deem entsprécht wat deen CRP brauch, a mir hoffen, dass en domat nach besser Resultater kritt wéi en der bis elo schonn hat.

Merci.

■ **M. le Président.**- Als nächsten ass den Här Marco Schroell agedroen. Den Här Schroell huet d'Wuert.

■ **M. Marco Schroell (*DP*).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech der Madame Nelly Stein an hirer Qualitéit als Rapporteur, oder soll et Rapportrice heeschen, merci soe fir hiren detailléierte Rapport zu deemem Projet de loi. Erlaabt mer vläicht hei, wa mer scho bei grammatikalesche Considérationen sinn, fir op en Detail opmierksam ze maachen, an zwar dee vum Intitulé vun deemem Joer vun anere Gesetzesprojeten, esou liest een déi eng Kéier « Projet de loi relative à » an déi Kéier drop e « Projet de loi relatif à ». Et misst ee sech eigentlech eenegen, ob den Accord mat Projet oder mat Loi gemaach misst ginn.

(Interruptions)

Esouvill an dat just niewebäi zur Form.

Komme mer awer elo zum Fong vun deemem Gesetzesprojet iwwert déi budgetär Adaptatioun wat den Neibau vum CRP Henri Tudor a vum Centre de technologie de l'éducation um Kierchbiereg betrëfft. Et geet hei drëms déi Zomm vu 455 Milliounen Frang, deemno ronn 11 Milliounen Euro, déi viru sechs Joer hei gestëmmt gouf, no uewen ze réviséieren. Dëst soll geschéien, andeems nach knapp 2,5 Milliounen Euro derbäikommen.

Den CRP Henri Tudor, deen 1987 entstanen ass, huet als Objektiv déi technologesch Innovatioun esouwuel am private wéi am öffentleche Secteur ze promovéieren. Recherche an Développement, Transfert de technologie, technologesch Berodung an Hëllef gehéieren zum CRP Henri Tudor senger Palette vu Services an Aktivitéiten. Hei gëtt sech och op d'Beräicher Informatik a Multimedia konzentriert. Erwähne muss een och den Technoport Schlassgoart zu Esch, eng Initiativ vum CRP Henri Tudor, eng sou genannte Pépinière d'entreprise fir Startup-Firmen.

Den Henri Tudor spillt deemno eng grouss Roll am Beräich vun der Recherche appliquée, grad ewéi déi aner Centres de recherche publics, de CRP Santé an de CRP Gabriel Lippmann.

Meng Fraktiounskolleegin Simone Beissel huet an hirer Interventioun am Kader vun der Debatt iwwert d'Lag vun der Natioun dëst Joer op d'Wichtigkeet vun der Fuerschungsarbecht ënnert anerem am Kader vun der Diversification économique higewisen.

Vergiesse mer awer net de Centre de technologie de l'éducation, e logistesche Service vum Educatiousministère, wou déi technesch Ressourcen a Kompetenzen der öffentlecher Schoul zur Verfügung gestallt ginn.

Bei deemem Projet geet et méi spezifesch ëm de premier équipement, notament wat den Informatikréseau, d'Sécherheetsmaterial an den Ameublement vum Gebai um Kierchbiereg betrëfft. Villes dréit dozou bäi, dass d'Personal vum CRP Henri Tudor ënnert bescht-méiglechen Aarbechtsbedéngunge ka schaffen. Dëst ass a mengen Aen och legitim.

E geréngen Deel vum Budget, deen hei virgesinn ass, soll och dozou dënge fir den Accueil vum Public méiglechst agréabel ze gestalten. Hei gëtt och net op esthetesch Considérationen verzicht, esou kann de Visiteur verschidde Konschtwierker am Atrium an am Traphaus bewonneren. Dat ass gutt esou, well och öffentlech Gebai, an dozou gehéiert de CRP, sollen attraktiv an esthetesch ausgesinn. Kultur a Forschung solle sech net géigesäiteg ausschléisen.

Här President, ech géif dann och op deser Plaz mech dem Statsrot senge Bedenken uschléissen, wat d'Rigueur am Handhabe vun eise Stei ergelder betrëfft, zemoools am Hibleck op manner rosege Zäiten, och wa meng Fraktioun hiren Accord selbstverständlech zu deemem Projet de loi wäert ginn.

Ech soen lech merci.

■ **M. le Président.**- D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

■ **M. Fernand Greisen (*ADR*).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetz vum 19. Juli 1997, also viru sechs Joer, huet des Chamber de Bau vun engem Gebai um Kierchbiereg fir verschidde Services vum Centre de recherche Henri Tudor an dem technesche Centre RESTENA gestëmmt.

Den ADR hat deemools der Virlag vun der Regierung zugestëmmt, well mir d'Noutwendegkeet vun engem neie Gebai fir des Services agesinn haten. Et ass hei scho gesot ginn, deemools war eng Zomm vun 22 Milliounen aler Frang virgesinn, fir déi noutwendeg Arichtungen. Nodréiglech sinn 100 Milliounen nogefrot ginn, fir verschidden Arichtungsgéigestänn, wou eis vun der Regierung eng Lëscht virgeluecht ginn ass.

Wat den zousätzleche Käschtepunkt an d'Method fir Finanzéierung ubelaangt, si vum Statsrot eng Rei Bemierkunge gemaach ginn, no deenen d'Regierung schlecht ausgesäit.

Éischstens, zum zousätzleche Käschtepunkt, wann de Statsrot lakonesch seet, an ech zitéieren: „Le Conseil d'Etat espère que les dépenses sont maintenant correctement évaluées“, dann heescht dat am Klortext, d'Regierung huet bis elo nach keng Ausgabe richtig am Virus schätze kënnen. Dëst kënne mer nëmmen bestätegen, wann een déi sëllegen nodréiglech Verbesserungen an zousätzlech Kreditufroe kuckt, déi bei all Bau, och bei anere Projeten, hei d'Regel sinn. Dobäi huet d'Verwaltung genuch Fachleit, déi des Aarbecht och richtig fäerdeg kriteren.

Mä do läit de Problem awer net. Wann déi zoustänneg Politiker, déi d'Soen hunn, sech net entscheede kënnen, wat se wëllen, wann des Leit ëmmer erëm an den Oflaf vum Bau dra schwätzen, och wann e schonn amgaang ass, a wa kee vun hinnen de Courage huet en iw-

werdriwwene Wonschkatalog op seng richteg Gréisst ze stutzen, da wonnert et keen, wann herno esou e Bau ëmmer méi deier gëtt.

Et muss ee sech dat virstellen, am-plaz ze spuere geet eis Regierung hin a wëllt mat dësem Bau, an ech zitëiere wat am Rapport vun 1997 steet: „...créer un cadre de travail agréable et convivial. Il est indiqué de soigner particulièrement les équipements qui en conditionnent la qualité“. Domadder kann een nach d'accord sinn. Dann : «...aménagement un ensemble d'oeuvres expressionnistes d'un peintre luxembourgeois ornant l'atrium-café, constituant ensemble avec la terrasse du cinquième en plein air avec une table d'orientation pour profiter des vues intéressantes un attrait particulier pour le grand public et les passants».

Dem Statsrot seng Bemierkung do-riwwer liest sech esou: „Le Conseil d'Etat ne peut approuver la démarche suivie par les autorités, parce qu'il lui manque à la fois la transparence et la rigueur indispensable à la gestion des deniers publics“.

De Statsrot erënnert dann och u fréier kritesch Bemierkungen, déi e scho bei anere Projete gemaach huet am Bezuch op d'Geldverschwendung, Bemierkungen, déi awer elo nach méi wouer si weinst deene schlechten Zäiten an deene mer finanziell jo sinn.

En zweete Punkt ass d'Finanzéierung iwwert de System vun der Loi de garantie. Dat ass e verstoppten Emprunt, an domadder klëmmt d'Statsschold ëmmer méi héich. Eis Regierung misst eis emol eng Kéier eng Opstellung maachen, wat mer bis elo iwwert déi verstoppten Empruntë schëlleg sinn.

Den ADR gesäit awer an, dass dëse Centre de recherche muss funktionéieren, an dofir kënne mir jo net géint dat Gesetz stëmmen. Déi Aart a Weis, wéi dat awer zesummekommt ass a wéi dës Supplémenter virgeluecht goufen, féiert derzou, dass mir eis beim Vote enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt am Numm vun der grénger Fraktioun soen, dass mir selbstverständlech dëse Projet kënnen ënnerstëtzen, dee vun der Madame Stein hei virgestallt ginn ass.

Et si wuel vun enger Partie vu Virriedner dozou eng Rei vu kritesche Bemierkunge gemaach ginn, wéi elo nach zum Schluss vum Här Greisen wat d'Zu-Stane-Kommen dovunner ubetrëfft, mä wat den Inhalt ubelaangt an d'Noutwendegkeet dovunner, ass et kloer, dass mir dat kënnen ënnerstëtzen an och wäerte stëmmen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre des Travaux publics.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Madame Stein merci soen an hirer Qualitéit als Presidentin vun der Kommissioun an als Rapporteur vun dësem Projet.

Mir si frou, dass hei konnt séier geschafft ginn, an ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, dass et sech hei net ëm en Depassement üblecher Natur handelt, wou et mat de Sue fir de Bau net duer gaange wär, et handelt sech hei ëm ganz geziilt Kreditte fir de premier équipement, well wéi dee Projet déi éischte Kéier virbruecht ginn ass vu mengem Virgänger 1997, do war virgesi fir de premier équipement dem CRP Henri Tudor ze iwwerloossen, an dat iwwer Dotation annuuelle am Budget ze gewährleeschten. Dat ass awer laut där neier Budgettechnik net

méi méiglech an dofir hu mir de Wee gewielt fir en extra Projet de loi ze maachen, an domadden dann déi gesamt Investitiounen fir de CRP Henri Tudor op 13,8 Milliounen Euro opzestocken, dat heescht fir den Equipement och direkt iwwert de Statsbudget kënnen ze finanzéieren.

Dat gesot, ass et wuel kee Muttwëll, dass an dësem Gebai och den Equipement mat der Zäit mat viru geet, an dass et déi Technologie vun där neister Gattung ass, déi hei erakënn. Et sinn insgesamt Bürosraim fir 150 Leit. Mir wëssen, dass mer e Konferenzsaal vun 250 Leit am Rez-de-chaussée hunn, dass des Weideren de Centre de technologie de l'éducation, dee virdrum am Schloss zu Walfer an éischter vétusté Raimlechkeeten huet missen onzäitgmeiss funktionéieren, dass deen elo ka mat modernen Equipementer seng Aarbecht maachen. Alles dat ass eng Investitioun an nei Technologien an an d'Zukunft.

Ech wëll dann déi grondsätzlech Bemierkungen, déi erëm eng Kéier hei gemaach gi sinn, wat d'Berechnungen am Bâtiment public ugeet, formell zrëckweisen, wou, wann Depassementer kommen zu engem Bauprojet, dat ëmmer esou dohinner gestallt gëtt, wéi wa falsch berechent gi wär. Esou laang wéi d'Chamber de Bauteminière net à même setzt, fir dass hie richteg Berechnunge ka maachen, solle mer och net hei gemassregelt ginn, wann déi Berechnungen herno net opginn.

Wourëms geet et? Mir ginn hei forcéiert fir Zuelen an d'Welt ze setzen, obwuel mer net a Kenntnis vun engem konkrete Bauprogramm sinn. Da sot emol engem Privatmann hie soll eng Gréisstenuerdung an d'Welt setzen, wann hien emol net e konkrete Bauprogramm als Virgab huet, an dofir sinn natierlech ëmmer déi Diskrepanzen tëschent deenen Zuelen, déi an engem Budget pluriannuel opgefouert ginn, an tëschent deenen Zuelen, déi an engem Avant-projet sommaire, deen och oft nach wäit vun der Wourecht ewech ass, stinn. Mir sollen dach hei net mat gezénkte Kaarte spillen an dann ëmmer erëm Schuldzuweisungen maachen un déi Leit, déi hir Aarbecht esou gutt maache wéi se nëmme kënnen, déi awer opgrond vun net méi geneeën Donnéeën net anescht rechnen kënnen.

Et ass dofir ubruecht, fir hei ganz kloer nach eng Kéier d'Fro opzewerfen, ob mer da wierklech keng aner Prozedur fir eis Bauprojekte kënnen ugoen, a fir dann domadder och méi korrekt kënnen Angabene ze ginn, wat déi eenzel Gebaier solle kaschten. Jiddfereen, dee baut, weess, jee nodeem ëm wat fir e Gebai et sech handelt, dass Imprévuë kënne virkommen, an ech géif emol gären déi Gemeng gesinn, déi ee Bauprojet duerchzitt ouni Devis supplémentaire. Déi hätt jiddefalls e Präis verdéngt, an da wéisst een awer nach net, ob se net direkt am Ufank verschidde Bévueë mat aberechent huet, wat jo leschten Enns de Bau dann awer verdeiert.

Dat gesot, weisen ech och dat zrëck, wann hei beanstant gëtt, et wären Deniers publics vergeut ginn, well mer Oeuvres d'art an e Gebai integréiert hunn. Mir hunn dat vun der Chamber gestëmmt kritt, an do gëtt et e Gesetz, an dat ass eng Base légale, déi am Gesetz vum Statut vum Artist 1,5% vun de Käschte vum Bau virgesäit fir Oeuvres artistiques.

Wa mer am Ausland kucke gi wéi Bauten do behandelt ginn, a wa mer iwwerhaupt an d'Vergaangeneheet kucke gi wéi eis Virgänger esou Saache gehandhabt hunn, da kann ee soen, mir sollen eis hei awer och net enger moderner Konzeptioun vun engem Bau verschléissen.

Dat gesot, ass dëse Projet fir d'Recherche hei zu Lëtzebuerg vu grousser Wichtigkeet, well et deen

éischte CRP ass, dee mat engem neie Gebai elo ka seng Aarbecht viruféieren. Deen nächste Projet, dee kënnt, wäert dee si vum CRP-Santé, well d'Regierung huet de Feu vert gi fir de Bauprojet vun engem neien CRP-Santé beim Centre hospitalier an d'legislativ Prozedur ze ginn.

An och um Fonds Belval gëtt un engem Neibau fir den CRP Gabriel Lippmann geschafft, esou dass mer am Laf vun den nächste Méint wäerten déi Projeten an d'Prozedur kréien, esou dass dann all eis dräi Fuerschungszentre mat neien Infrastrukture kënnen an Zukunft hir Aarbecht maachen, déi eng wichtig Aarbecht ass an déi och Unerkennung am Ausland fënn, an déi eis eng nei Entwécklungsméiglechkeet gëtt an eisem eegenen ekonomeschen Tissu, an déi dofir justifizéiert ass.

Dat gesot soen ech der Chamber an allen Deputéierte merci, déi hir Stëmm zu dësem Projet ofginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen zum Schluss vun der Sitzung driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of zum Schluss vun der Sitzung, an da kéime mer zur Diskussioun vum nächste Projet, an zwar handelt et sech do ëm d'Diskussioun vum Projet de loi 4954 iwwert d'Repressioun vum Terrorismus. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht.

Et hu sech schonn ageschriwwen den Här Mosar, déi Dammen Err a Beissel, den Här Jaerling, d'Madame Wagener an déi Hären Urbany, Bodry a Fayot.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer. Den Här Santer huet d'Wuert.

8. 4954 - Projet de loi portant

1) répression du terrorisme et de son financement

2) approbation de la Convention internationale pour la répression du financement du terrorisme, ouverte à la signature à New York en date du 10 janvier 2000

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objet vum Projet de loi 4954 ass et iwwert d'Transpositioun vun enger Décision-cadre vun de Justizministere vun den EU-Memberstate vum 13. Juni 2002, an d'Approbatioun vun enger UNO-Konventioun vum 10. Januar 2000, den Terrorismus als autonom Strofdot an eisem Strofrecht virzegesinn.

Mir hu schonn dacks gesinn, vill ze vill dacks gesinn an den Noriichten, déi grujelech a mënschenonwiederdeg Attentater, wou Zivilisten duerch Autobommen, déi mëtten am Dag an enger Geschäftstrooss explodéieren, niddergemetzelt ginn, wou Politiker oder Riichter per Genéckschoss virun den Ae vun hirer Famill higeriicht oder wou Kandidate fir eng Wahl oder Membër vun hirer Familljen entfouert goufen.

Déi politesch oder pseudopolitesch Revendicatiounen, déi da

gestallt ginn, fir esou Akten ze rechtfäertegen, kënnen net an déi fräi Meenungsaussou rangéiert ginn. An engem demokratesche Stat huet all Bierger Richter, déi an der Verfassung, an der europäescher Mënscherechtskonventioun a vläicht an der zukünftiger europäescher Verfassung verankert sinn, an déi hie fräi ausnotze kann. Jidderee ka seng Meenung soen, respektiv schreiwen, och wa se minoritär ass, och wa se net jidderengem gefält. Wann ee seng politesch Meenung awer wëllt aneren operzwéngen andeems ee Leit an demokratesch Institutiounen terroriséiert duerch Attentater, Attacken, Hiirichtungen, huet een do kee Recht méi sech am Kader vun der fräier Meenungsaussou ze positionéieren oder sech hannert iergendengem anere Recht ze verstoppen.

« L'on conçoit », schreift e franséischen Droitsprofessor, « que ne puisse être pris en considération le caractère prétendument politique des revendications exprimées par les terroristes, dès lors que les méthodes utilisées et les objectifs poursuivis méconnaissent gravement les règles fondamentales de la démocratie ».

Tëschent der fräier Meenungsaussou an dem Terrorismus leie Welten. Déi eng muss vun enger Demokratie ënnerstëtzt a geschützt ginn. Déi aner muss vun enger Demokratie bekämpft ginn. Et geet also beim Terrorismus ëm d'Substanz, ëm de Kär vun enger Demokratie. Brauche mer dann iwwerhaupt hei zu Lëtzebuerg en Antiterrorismusgesetz?

Lëtzebuerg ass ee vun deene wéinege Staten an der Europäescher Unioun, deen Terrorismus net speziell ënner Strof stellt. D'Definitioun vun der Décision-cadre, déi vun alle 15 Justizministere, also vun der ganzer Panoplie vu Parteie gedroe gëtt, gëtt eng eenheetlech Definitiou vum Terrorismus. Ech wäert nach op déi Definitiou spéider ze schwätze kommen.

Terrorismus ass eben, leider muss ee soen, eng Realitéit. « Une forme moderne et particulièrement odieuse de criminalité », sot den deemolege franséische Justizminister Michel Sapin 1992 virun der Assemblée nationale, wéi den Terrorismus speziell am franséische Code pénal ageschriwwen gouf.

An de Länner, déi terroristesch Akten erlebt hunn, huet et sech séier erausgestallt, dass déi bis dato existéierend Strofdoten inadaptéiert wore fir géint dëst villfaltegt a villsäitegt Phenomeen virzegoen.

« Les réponses répressives traditionnelles devaient se montrer bien insuffisantes », schreift de franséischen Droitsprofessor Cartier an der Revue de science criminelle, wéi hien den Titre IV am nouveau Code pénal kommentéiert huet.

Mä net nëmmen en Terrorist, mä och déi, déi fräiwëlleg aktiv a wäsentlech eng terroristesch Strofdot gehollef hu virzebereeden andeems se zum Beispill eng Wunneng zur Verfügung gestallt hunn, oder wichtig Informatiounen iwwert d'Zilobjekt oder d'Zilpersoun ginn hunn, mussen speziell strofbar gemaach ginn. Bei Strofdote mat engem terroristesche Charakter handelt et sech ëm méi wéi einfach Strofdoten. Et geet hei drëm d'Demokratie, eise Rechtssystem, eisen Etat de droit iwwert déi privat Intérëten eraus ze schützen. Doniewent muss Lëtzebuerg natierlech och eng UNO-Konventioun iwwert d'Repressioun vum Finanzement vum Terrorismus vum 2000 ëmsetzen. Dës Konventioun, déi vun 182 Länner an der UNO-Vollversammlung, also bal unanime gestëmmt gouf, gesäit et vir, dass d'Staten terroristesch Strofdote speziell bestrofe sollen.

Wat ass also ënner Terrorismus ze verstoen? D'Definitiou vum Terrorismus wäert sech, wann de Projet de loi bis gestëmmt an d'Gesetz a Kraaft getrueden ass, am Artikel 135 (1) vum Code pénal erëmfan-

nen. Dräi Bedéngunge mussen kumulativ, an ech insistéieren op kumulativ, erfëllt sinn. Déi éischt Bedéngung ass, dass eng Infractioun bestoe muss. Dës primär Infractioun, op där den terroristeschen Akt opbaut, muss mat enger Mindesthéchststrof vun dräi Joer Prisong bestrooft ginn. Dat heescht, wann also eng Infractioun mat sechs Méint bis zwee Joer Prisong bestrooft gëtt, ass dës Bedéngung net erfëllt.

Bei dëser Bedéngung sinn d'Meenungen an der Kommission ausenree gaangen, well verschidde Membere gefrot a gefuerdert hatten, dass am-plaz vun der Léisung vun der Mindesthéchststrof eng Léscht vum Infractiounen soll am Artikel 135 (1) festgehalen ginn. D'Majoritéit vun der Kommissioun ass net op dee Wee gaangen, well esou eng Léscht eng Onzuel vu Renvoien op aner Artikele vum Code pénal a vu Spezialgesetzter bedéngt hätt, wat bestëmmt net zur Klarheet vum Text bägedroen hätt.

De Législateur kritt dacks genuch virgeworf, dass hien en Text duerch ze vill Renvoie schweier liederlech géif maachen. Hei hätte mer awer definitiv all Rekorder gebrauch. Doniewent wär eng Léscht net d'Léisung gewiescht, fir d'Definitiou vum Acte terroriste méi kloer ze gestalten. Dat huet och de Statsrot a sengem Avis geschriwwen, wou hie seet: « Il convient d'emblée de relever que la délimitation matérielle du champ d'application de la nouvelle incrimination par rapport à une liste, soit d'infractions déterminées, soit de catégories génériques d'infractions, soulèverait les mêmes interrogations ».

Natierlech hätt eng drëtt Méiglechkeet dora bestanen, fir wuertwierlech den Text vun der Décision-cadre ofzeschreiwen, an d'Termes génériques, déi do festgehalen sinn, an dem Artikel 135 (1) festzehalen. Dat wier a mengen Aen déi schlechteste Léisung gewiescht, well déi Sammelbegrëffer wéi „atteinte à l'intégrité physique“, oder „libération de substances dangereuses“, oder nach „destructions massives d'installations gouvernementales“, fir d'éischt am Code pénal oder a Spezialgesetzter nogsicht hätte misse ginn eier een den Artikel 135 (1) ugewannt hätt.

Fir mat dëser éischter Bedingung ofzeschlëssen, muss nach gesot ginn, datt entgéint dem Avis complémentaire vum Statsrot d'Kommissioun bei sengem Amendement, fir d'Mindesthéchststrof vun zwee op dräi Joer eropzesetzen, bliwwen ass. Dobäi wësse mer, datt d'Fälschung vun engem Pass, dee mat enger Héchststrof vun zwee Joer bestrooft gëtt, aus der Definitiou vum Artikel 135 (1) ausgeschloss gëtt.

Déi zweet Bedingung ass wuertwierlech vun der Décision-cadre iwwerholl. D'terroristesche Handlung muss duerch de Kontext, an där d'Infractioun stattfënn, oder duerch d'Natur vun der Infractioun, an ech zitëieren: « porter gravement atteinte à un pays, une organisation ou un organisme international ».

Déi drëtt Bedingung ass och wuertwierlech aus der Décision-cadre geholl ginn. Hei dréit et sech ëm Zil an Zweck vum Terrorismus. Zil an Zweck vun enger terroristescher Handlung muss sinn, entweder d'Bevölkerung anzuschüchtere oder d'Autoritéiten dozou ze zwéngen eppes ze maachen oder ze hannerloossen eppes ze maachen oder nach déi fundamental politesch, wirtschaftlech, sozial oder verfassungsrechtlech Struktur vun engem Land oder enger internationaler Institutioun ze destabiliséieren oder ze zerstéieren.

Dës sinn also déi dräi Bedingungen, déi kumulativ mussen erfëllt sinn, fir datt et sech ëm e strofbaren terroristeschen Akt handelt. An dës sinn och déi dräi Bedingungen, déi vun de 15 Justizministere unanime an der Décision-cadre festgehalen goufen.